Lëtzebuerger
Guiden a Scouten

mir wuessen zesummen

Communiqué de presse 19.11.2026
Stellungnam Chalet Wolz

Léif Press,

De Verband vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten ass de Mëtteg um 14:00 Auer vun der Press gewuer ginn, dass e Scoutschalet zu Wolz mëssbraucht ginn ass fir en Treffe vu Neonazien.

De Verband vun den LGS souwéi de Wëlzer Grupp sinn entsat. De lokale Grupp huet eng Plainte bei der Wëlzer Police gemaach.

D'LGS an all hir Memberen distanzéieren sech däitlech vun dësen Gruppéierungen, déi am Reportage vun den hollännesche Journaliste gewise ginn, souwéi vun hiren Iddien, Symboler a Positiounen.

D'LGS hu 57 Gruppen, verdeelt iwwer dat ganzt Land, an iwwer 50 Chaleten, déi autonom vun de Guiden a Scoute genotzt a geréiert ginn. Prioritär déngen dës de Gruppe fir hir Aktivitéiten a Versammlungen. Dës Plaze ginn awer och vun hinnen un aner Jugendorganisatiounen oder Locatairë verlount. Am Fall vum Chalet zu Wolz war dat eng Locatioun un extern Persounen.

D'Lëtzebuerger Guiden a Scoute stinn fir demokratesch Wäerter, Toleranz a géigesäitege Respekt. Historesch gesinn, hu si ëmmer kloer géint totalitär an extrem Ideologië Stellung agesat a gedenken all Joer hiren Bridder a Schwësteren, déi am zweete Weltkrich gefall sinn.

D'LGS si Member vun de Weltverbänn WAGGGS a WOSM a gehéieren domat zu enger weltwäiter Communautéit vu méi wéi 60 Millioune Kanner a Jonken.

De Verband vun den LGS, grad ewéi d'Guiden- a Scoutsbeweegung weltwäit, baséiert op Wäerter wéi Bridderlechkeet, Respekt a Fräiheet.

Chère presse,

La fédération des Lëtzebuerger Guiden a Scouten (LGS) a été informée cet après-midi à 14h00 par la presse de l'utilisation abusive d'un chalet scout à Wiltz pour une rencontre de néonazis.

Les LGS ainsi que le groupe scout de Wiltz sont consternés par cette situation. Le groupe local a déposé une plainte auprès de la police de Wiltz.

Les LGS et l'ensemble de leurs membres se distancient clairement de ces groupements, présentés dans le reportage des journalistes néerlandais, ainsi que de leurs idées, symboles et positions.

Les LGS comptent 57 groupes répartis à travers tout le pays et plus de 50 chalets, utilisés et gérés de manière autonome par les guides et scouts. Ces infrastructures servent en priorité aux activités et réunions des groupes. Elles sont toutefois également mises à disposition d'autres organisations de jeunesse ou louées à des tiers. Dans le cas du chalet de Wiltz, il s'agissait d'une location à des personnes externes.

LGS.lu / 5, rue Munchen-Tesch / L-2173 Lëtzebuerg / +352 26 94 84 / sekretariat@lgs.lu / Lëtzebuerger Guiden a Scouten a.s.b.l. / R.C.S. Luxembourg F14734

Merci un eis Sponsoren

BeFresh

lalux ASSURANCES

SPUERKEESS

Les Lëtzebuerger Guiden a Scouten défendent des valeurs démocratiques, la tolérance et le respect mutuel. Historiquement, ils se sont toujours clairement opposés aux idéologies totalitaires et extrémistes et rendent chaque année hommage à leurs frères et sœurs scouts tombés pendant la Seconde Guerre mondiale. Les LGS sont membres des organisations mondiales WAGGGS et WOSM et font ainsi partie d'une communauté mondiale de plus de 60 millions d'enfants et de jeunes.

L'association des LGS, tout comme le mouvement scout et guide à travers le monde, repose sur des valeurs de fraternité, de respect et de liberté.